
Matériaux de
Construction
Fers et Métaux
Quincaillerie
Cuisinière
Poêle
Articles de ménage

Ady Flener

Mamer-Gare
Téléphone Nr. 6

B N L
*LA 15343+1*



# KOPLESCHT
## *am Krich 1940-1945*
## SENG RESISTENZ

*Fest-brochure*

*zum 16. september 1946 geléentlech der aweiong vum*

« MONUMENT AUX MORTS »

*fir eis am krich gefale männer a jongen aus Koplescht*

[...]E NATIONALE [...]XEMBOURG

L

LIGUE „ONS JONGEN" · KOPSTAL ·

L. R. L.
TREI FR[.]I
1940 1944
Résistance Luxembourgeoise
Section de Kopstal

**D'Libératio'n . . .**

Den 10. september soll d'liberatio'n bréngen. De ganze muergen bis an den nomëtteg rennen d'Preisen „im Laufschritt" zum Rhein, zum Rhein, zum deutschen Rhein. De benzin fehlt, d'autoe gi verbrannt.



*Déu e'schten amerikanesche panzer* (Foto: J. P. Weber, Koplescht)



D'autoen an d'gefierer gin ëmmer me' rar op de strôssen. D'munitio'n get gesprengt. — Soll et wierkléch zu enn goen? Et ass bal net ze gléwen, an dach! Eng hallef stonn ass et ro'eg an da rifft a schâlt et: „Si kommen, si kommen, d'Amerikaner sin do!" Aus allen ecken a gâssen stirmt al a jonk bei d'bréck. Och sie, d'réfractairen, iwergléckléch, erem als frei mënschen, ënnert freiem himmel op erle'stem buedem, no woche-, me'nt- a joerelângem verstopptsin erem frei otmen ze kënnen . . . .

Munnécherén frét sech, wié jonge verstoppt hat . . . a wivill? . . . Mir soen Iech et.

| Refractair | verstoppt bei | organisatio'n a mattarbechter |
|---|---|---|
| *ANEN Aloyse* | dohém | |
| *ANEN Emile* | | |
| | Famill Emile Scholer-Meyer, Simmern | Mattarb. L. R. L. |
| *ANEN Jacques* | | |
| | Famill Vve Damming-Junck, Jängi Damming, Koplescht | LRL |
| *ANEN Jos.* | | |
| | Famill Léon Hansen-Van Dyck, De'fferdeng | LRL |
| | Famill Marcel Müller-Didling, De'fferdeng | LRL |
| | Famill Emile Trausch-Tintinger, De'fferdeng | PI-MEN |
| | Famill Ferd. Rausch-Weinand, De'fferdeng | LRL |
| *ANEN Remy* | | |
| | Famill Pierre Ecker-Even, Koplescht | Mattarb. LRL |
| *ANEN Roger* | | |
| | Famill Jos. Brunsfeld-Feiereisen, Kiélen | LRL |
| | Geséschter Pierre Grün, Koplescht | LRL |
| | Famill Pierre Ecker-Even, Koplescht | Mattarb. LRL |
| *BASTIAN Emile* | | |
| | Als maquisard am Frankreich bei den F.F.I. gekämpft. | |
| *BASTIAN Theo* | | |
| | Famill Klein-Belleville, Letzeburg-Hollerech | ALEF |
| *BINTENER Emile* | | |
| | Famill J. P. Michélis-Birtz, Koplescht | LRL |
| | Famill Thed. Ecker-Thill, Koplescht | LRL |

*BINTENER Léon*

Famill Pierre Rausch-Grün, Bridel LRL
Madame Catherine Dupong-Anen, Koplescht
Famill Vve Damming-Junck, Jängi Damming, Koplescht LRL

*BINTENER Robert*

Famill Jos. Goedert-Tabar, Bridel LVL

*BLOCK Henri*

Famill Vve Th. Gringor-Kieffer, Koplescht Mattarb. LRL
Famill Pierre Peters-Kugener, Esch/Uelz. LRL
Famill Vve Bellion-Peters, Rollengergronn LRL

*BUCHETTE Marcel*

Famill Felix Friedgen, Kél LRL
Famill Vve Block-Kauffmann, J. P. Block, Bridel LRL

*DUMONT René*

Famill Jean Bintener-Hermes, Koplescht LRL
Famill Fr. Weydert-Glesener, Koplescht LRL
Famill Emile Schuller-Reuland, Simmer LRL

*DUMONT Victor*

Famill Nic. Fournelle-Schrobildgen, Habscht LRL

*DUPONG Maurice*

Famill Pauly Henri, Kiélen Mattarb. LRL
Famill Vve Müller-Thill, Koplescht LRL
Famill Mich. Scholtes-Hensel, Koplescht LRL
Famill Jean Müller-Anen, Bridel LRL
Famill Thed. Ecker-Thill, Koplescht LRL
Famill Jean Bintener-Hermes, Koplescht LRL
Famill J. P. Michélis-Birtz, Koplescht LRL

*DUPONG Gauthier*

Famill Nic. Mertens, Wandmillen/Letzeburg
Famill Thed. Ecker-Thill, Koplescht LRL

*EVEN J. F.*

Famill Wester, Alzengen LRL
Famill Jos. Hoffmann-Ley, Syren LRL

*EVEN Willy*

Famill Weydert-Funck, Bêteburg
Famill Colling-Weber, Bêteburg
Famill Jos. Hoffmann-Ley, Syren LRL



*FEITLER Victor*

Famill Léon Hansen-Van Dyck, De'fferdeng LRL
Famill Marcel Müller-Didling, De'fferdeng LRL
Famill Emile Trausch-Tintinger, De'fferdeng PI-MEN
Famill Ferd. Rausch-Weinand, De'fferdeng LRL

*FLAMMANG Pierre*

Famill Fr. Nimax, Letzeburg LPL
Famill Mich. Fichbach-Heuschling, Bêteburg
Famill Nic. Peiffer-Schmitz, Medernacherhaff/Schieren
Famill Math. Lux-Zanen, Insenborn LVL
Famill Mich. Reiners-Simon, Lultzhausen LVL
Famill Mich. Konsbrück, Giéwelsmillen LFB + PI-MEN
Famill Gust. Laux-Ney, Walfer LVL
Famill Vve Flammang-Calmes, Bridel Mattarb. LRL

*GOEDERT Pierre*

Famill Nic. Schmitz-Even, Bridel

*GRINGOR Erny*

Famill Vve Damming-Junck, Jängi Damming, Koplescht LRL
Madame Catherine Dupong-Anen, Koplescht

*HEMES Albert*

Famill Aloyse Jung-Lepage, Mamer LRL
Famill Pesch Soeurs, Mamer LRL
Hèr Jos. Hemes, Neimaxmillen LRL

*HOFFMANN Alphonse*

Geséschter Didier, Osper LVL

*JUNIUS Jempi*

Hèr Bintener Robert, Koplescht

*KEMP Willy*

Famill Mich. Defrang-Graser, Koplescht LRL

*KURT René*

Hèr Josy Glesener, Kiélen LRL
Famill Jos. Brunsfeld-Feiereisen, Kiélen LRL
Hèr J. P. Heinen, Recken/Mess
Famill Emile Kimm-Rollinger, Reckeng-Mess LRL
Famill Fr. Block-Reiter, Bridel LRL

Famill Pierre Rausch-Grün, Bridel LRL
Famill Vve Damming-Jung, Jängi Damming, Koplescht LRL
Hèr Berens Emile, Késpelt LRL

*MÜLLER Henri*

Famill Jos. Brunsfeld-Feiereisen, Kiélen LRL
Grün Soeurs, Koplescht LRL

*PANSIN Robert*

Famill Vve Tibor-Koerperich, Habscht

*RIES Jempi*

Famill Nic. Ries-Richard, Koplescht

*RIES Nic.*

Famill Martin Feitler-Collignon, Koplescht LRL
Famill Thed. Ecker-Thill, Koplescht LRL

*SCHOLTES Gilbert*

Famill J. P. Wagner-Schartz, Esch/Uelzecht ALEF
Famill Mich. Fischbach-Heuschling, Bêteburg
Famill Emile Kimm-Rollinger, Reckeng-Mess LRL
Hèr J. P. Heinen, Recken/Mess
Famill Jacques Büdinger, Greisch LRL
Hèr Alex Eilenbecker, Greisch LRL
Famill Jungers, Arelerstrôss, Greisch LRL
Famill Jos. Brunsfeld-Feiereisen, Kiélen LRL
Hèr Nic. Nickels, Kiélen LRL
Joffer Nanni Knepper, Kiélen LRL
Famill Nic. Flener, Leideleng LRL
Vve Hoffmann-Buchette LRL

*SCHOUWEILER Jos.*

Famill J. P. Müller-Anen, Dideleng LPL

*THELEN Nic.* onbekannt

*THILL Paul*

Famill Thed. Thill-Rettel, Koplescht LRL
Famill Henri Müller-Rettel, Bereldeng LVL
Famill Gust. Laux-Ney, Walfer LVL
Famill Vve J. P. Müller-Thill, Koplescht LRL

(De' opstellong ass no den donne'en vun de réfractairen erfollégt.)



*THIMMESCH Richard*

Famill Dom. Lacour-Thimmesch, Hueschtert.

Niéwt déne virgenannte Kopleschter jongen haten nostoend familjen aus Koplescht/Bridel friém jongen bei séch verstoppt:

Famill Vve Th. Anen-Meyer
Famill Vve A. Binsfeld-Kieffer
Hèr Pol Birtz
Famill Vve Fr. Block-Kauffmann (J. P. Block)
Famill Fr. Block-Reiter
Famill Vve Damming-Junck (Jängi Damming)
Famill Josy Gevelinger-Rollinger
Vve Kalmes-Simon
Famill P. Rausch-Grün (jongen a krichsgefangener)
Famill J. P. Wagner-Ries.

Aus der gefangenschaft vun de westlechen Allie'erten sin no krichsenn wo'lbehalen hémkomm:

Kieffer Marcel Neumann Nic.

Aus dem osten si glecklech no der liberatio'n hémkomm:

| | | |
|---|---|---|
| Anen Theo | Lazarett | 10. 9. 44 |
| Block Nic. | ,, | 10. 9. 44 |
| Dupong Hiby | ,, | 10. 9. 44 |
| Durant Victor | ,, | 10. 9. 44 |

| | |
|---|---|
| Anen Henri | Ries Felix |
| Barthel Nic. | Ries Marcel |
| Buchette Eduard (Tambow) | Schartz Jean |
| Block Theo | Scheier Victor |
| Durant Léon | Thill Henri |
| Floener Roger | Weiten Nic. (Tambow) |
| Groff Henri | Weyland Jempi. |
| Müller Jos. | |

# „ONS JONGEN" *soe merci!*

Schwe'ert léd a batter suergen huet eist hémechtsduerf mattgemach. Krich an ënnerdréckong hun hir bluddeg affer gefuerdert, an nach haut schâlt den écho vum kano'nendonner un der front a vun den exécutio'nssalven vun Dachau, Hinzert, Mauthausen a Ravensbrück durch d'welt. Nach sin d'wonnen net gehélt, de' den teutoneschen terror eis geschloen huet. Dach all léd, dat eist hémechtsduerf an donkler zeit hémgesicht huet, an och de' schwe'erst wonnen, de' de krich an d'ënnerdréckong muneche vun eis geschloen huet, komme lues a lues a vergiéss. Eppes ower durfe mir net vergiessen: e'weg musse mir déne leidd merci soen, de' sech am krich matt leiw a se'l an den déngscht vun der Hémecht gestallt hun. Besonnesch eis jong borschten kënnen dénen ni genuch merci soen, de' hinne gehollef hun.

Muncherén aus dem duerf huet o'ni zweiwel ganz verschôtert a verwonnert dragekuckt, we' um liberatio'nsdag aus all gâssen a wénkelen eis réfractairen sech bei der bréck zesummefond hun. Eis jongen, de' am krich dat schwe'erst lo's getraff hat, si ganz onerwârt aus dem „underground" erem operstanen.

37 jong liéwen voller feier, voll flâm a begéschterong sin eisem hémechtsduerf an dese wonnersche'ne stonnen eremgeschenkt gin.

Hu mir schon doriwer nogeduecht, wién eisem duerf dat geschenk gemach huet?

Dat waren énzeg an eleng de'je'neg daper Letzeburger, de' hand iwer eis jongen gehalen hun, fir se dem zo'gréff vun de naziverbriécher z'entze'en. Et sin de'je'neg, de' eise réfractairen keng hëllef versot an hinnen hirt haus als asyl ugebueden hun. Woche-, me'nt-, eso'guer joerelang hun si dem do'd d'stier gebueden an dem ënnerdrecker getrotzt. Weder prisong nach KZ hun si vum richtege wé ofgeschreckt. Si hun eise merci we' keng aner verdéngt, well si hirt liéwen agesat hun, fir eise jongen hirt ze erhalen. Et ge'ng ze weit fe'eren, d'nimm vun all dësen dapere patrioten matt de resistenzénzelhéten opzeziélen, dach én aus hirer mëtt, de Porze Jängi, wëlle mer ower spéziell ervirhiéwen, well hién, als Chef vun der L. R. L. onvergiésslech résistenzarbecht geléscht huet, wo'bei hién dâg an nuecht am déngscht vun eise réfractairen sto'ng. Dem Jängi an allen anere gro'sse patrioten soll net nëmmen de merci vun eise réfractairen gewëss sin, mé d'ganzt vollek muss hinne merci soen.

Vill jong liéwen sin durch hirt zesummeschaffen dem do'd entgângen, a villen elteren si gro'sst léd a batter tre'nen erspuert bliwen. Virun allem ower soe mir dénen dapere resistenzler merci, well si dem duerf an der ganzer Hémecht en immens gro'ssen déngscht geléscht hun.

Si hun dem land datjénegt erhalen, wat e vollek fir sei bestoen onbedengt ne'deg huet:

Sei Jonktem . . . . Seng Zo'konft.

„ONS JONGEN", *Koplescht.*

---

Duerfjongen, dénen bis elo d'gléck verwiert wor, d'Hémecht eremzegesin, vun dénen och nach ké liewenszéchen aus dem oste komm ass:

| | |
|---|---|
| 1) Bastian Aloyse | 3) Scheier Jean |
| 2) Konz Emile | 4) Thimmesch Francis |

EIS GEFALE KOMERODEN:

| | |
|---|---|
| 1) Bintener Theo | 3) Neumann Charel |
| 2) Faber Pierre | 4) Thelen Pierre |

# Mir denken un iéch!

Wién hätt séch et eso' virgestallt, démols, we' Dir huet misse fortgoen, fort an d'friemt, wo' d'Preisen Iech d'gewier op d'schëller gezwongen hun, démols, we' Dir der mamm em den hals gefall sidd a gesot huet: „Mamm, ech kommen erem zréck!"; démols, we' Dir gehofft huet, geschwënn erem an enger freier Hémecht ënner freie mënschen ze sin? Wién hätt démols erwart, datt Iéch e furchtbart lo's destine'ert wär? Wién hätt démols gegléwt, datt mir Iéch net me' kënnten eremgesin, an datt Dir a friémer érd, weit fort vun Erer le'wer familgen, weit fort vun alle komeroden, weit fort vun der Hémecht, Ert graw ge'wt fannen?
Le'w komeroden, de' Dir Er lescht ro' net an Erem Hémechtsbuedem fanne kënnt, schloft ro'eg dach a friémer erd, schloft ro'eg den e'wege schlof.
Mir stin a gedanken, a gedanken de' kéng distanze kennen, virun Erem graw, elo wo' dat onhémlecht mënschemuerden zu enn ass, dat Ert jongt lièwen zerste'ert huet. Dir huet den nazikrich gehâsst, dén d'freihét vun der Hémecht zertratt huet. Ert idéal wor d'freihét; an dofir huet Dir dem Preiss net de' hëllef bruecht, de' hién sech dach von Iéch erward hat. Dir wollt dém net schueden, dén dem Preiss e feind wor, Iéch dach awer e frënd huet misse sin, well hién fir d'Freihét, de' och Iéch eso' le'w wor, sei bescht geaffert huet.
Mir sin durfir stolz op Iéch, Dir stëll helden an Ert undenken hale mir ste'ts wach an eisen hierzer.
Le'w komeroden, schloft ro'eg, Dir huet Er schëilegkét gedoen!
D'erënnerong un Iéch berifft eis, fest zesummenzestoen an zesummenzeschaffen fir de' Freihét z'erhalen, de' eso' deier erkaft go'w. Duerfir muss Ert undenken an eisen hierzer bleiwen, an Er nimm, de' mir an e'wege sté gegruewen hun, sollen dénen, de' no eis kommen, de wèrt vun énegkét a freihét vrun aen halen. Da war Ert affer net emsoss an d'Hémecht ka stolz op Iéch sin.

*„ONS JONGEN", Koplescht.*



Wénst hirem verhalen go'wen an d'Reich „dienstverpflichtet":

Joffer Anna Poos, Le'erin.
Hèr J. P. Weber, Scho'lméschter.
Hèr Nic. Birtz, Bannhidder.

Wénst hirem verhalen go'wen an „Oberschlesien umgesiedelt":

Famill Mich. Scholtes-Buchette an hire jong Ferdy (3 perso'nen).
Famill Jacques Jeanpaul-Scholtes an hir kanner Arsène a Suzette (4 perso'nen).
Madame Mich. Scholtes-Hensel (KZ) an hir kanner Marie-Thérèse a Gilly (3 perso'nen).

Wénst hirem verhalen go'wen an d'zuchthaus verschléft:

Hèr Hoffmann Alphonse.
Hèr Flammang Fréd.
Hèr Block Theo.
Hèr Buchette Marcel.
Hèr Birtz Pol.

Wénst hirem verhalen hun an de Kazetter geschmuecht:

Hèr Binsfeld Henri.
Hèr Scholtes Misch (gest. am KZ Mauthausen).
Hèr Pansin Jean.
Hèr Scholtes Jos.
Hèr Damming Jos.

Member vun der L. R. L. Koplescht, de' an der Hémecht gestuerwe sin:

Houllard Pierre
Wecker Pierre
Kieffer Franç. (nom 10. september 1944).

# CONRAD DIDERICH

*Vun de Preisen erschoss zu No'spelt den 10. september, dag vun der liberatio'n*

De Conrad wor de chef vun der LRL vun Eischen, e ganz active passeur, dé matt eis Kopleschter zesummegeschafft huet. Hién hat der LRL verbindonge geschaf bis he'ch an de norde vum Re'dener canton. Onermiddlech huet hié geschafft fir d'réfractairen. Hié wor en einfachen arbechterjong matt éngem hierz voll idéalissem fir d'Freihét an d'Hémecht. We' kén zwéten huet hién all hémleche pad kannt, dé vun Eischen iwer d'belsch grenz op Walzeng an Arel gefo'ert huet. Matt him zesummen hu mir kurz virun der liberatio'n de contact tëscht der belscher a letzeburger Résistenz erneiert, fir d'zesummeschaffen bei der liberatio'n z'organise'eren. Den 10. september huet de Conrad Diderich am numm vun der Letzeburger Résistenz de' e'scht Amerikaner op der grenz begre'sst an en ass matt hinnen weidergefuer, fir se bis op Letzeburg ze begléden. Et gong gudd bis den ausgank vun No'spelt. De Conrad so'tz op dem e'schte jeep, d'hierz voll fréd, datt sei Letzeburg erem frei sollt gin. Hanner enger heck verstoppt ower lo'gen nach zwe' Preisen, de' versprengt gi woren.

Vun hire kugelen ass de Conrad Diderich niddergestreckt gin a sein hierzbludd huet den Hémechtsbuedem gefierwt. Sei liewenswierk, seng Résistenzarbecht wor zu enn. Et wor him net vergonnt, an dèr Freihét ze liewen, fir de' hién dag an nuecht gestridden hat.

Dem Conrad sei begriewnes zu Eischen wor eng imposant manifestatio'n vun der Letzeburger Résistenz. Och seng belsch maquisarefrënn woren do. E peloton vun der Kopleschter Miliz huet d'e'erewuecht gehalen an als e leschten au revoir hun seng komeroden 3 gewiersalwen iwer dem Conrad sengem graw ofgeschoss.

De numm Conrad Diderich bleiwt am hierz vu senge frënn aus der Résistenz agegruewen als dé vun engem gro'sse L e t z e b u r g e r !



# WILLY BERTEMES

*Member vun der LRL Koplescht, vun de Preisen erschoss zu Ansemburg de 4. 9. 44*

He'ch stét an der geschicht vun der Résistenz aus eiser ge'gend den numm vum Willy Bertemes.

De Willy wor gebuer zu Marnech, en E'slécker vun der beschter rass. Hié ko'm vun den he'chten erof op de schlasshaff vun Ansemburg als piéchter.

Sei Letzeburg gong dem Bertemes Willy iwer alles. Trotz senge sechs kanner huet hién net gezéckt, réfractairen bei sech opzehuelen. Drei jongen hat hié verstoppt an doniéwt kuerz vrun der liberatio'n och nach zwé Russen, de' flüchteg gange woren. (Et bleiwt nach beizefügen, datt hién och nach zwé Kopleschter jongen en asyl bei sech ugebueden hat.) Awer de Bertemes huet missen dru gléwen. We' schon no bei eise grenzen de fuendel vun eise libérateure geflattert ass, huet e feige verre'der de Willy bei der SS dénonze'ert. D'juegd op hién an seng „jonge" gong un.

Wuel konnten de' zwé Russen sech an de bësch zréckze'en an och dénen drei réfractairen wor et gelongen, eng stopp an der Eisch ze fannen. D'SS-bluddhonn hun dem Willy d'haus op d'kopp gedre'nt, si konnten awer neischt fannen. Voll roserei hu si dun de Willy matt an de bësch geschléft, wo' de' zwé Russe so'tzen. Dat ass ihm natirlech ge'nt de stréch gangen an hién huet versicht unzedrécken: d'Preisen awer hun eng handgranat nogeworf, de hié verwondt huet, so'datt d'SS-banditen en erem afänke konnten.

De' zwe' Russe go'wen opgedriwen. Wuel hun se sech daper gewiert, awer si konnten net opkommen ge'nt de' brutal iwermuecht: dén é go'w erschoss, dén aner verwondt an agefang.

De Willy Bertemes go'w zesumme matt dém gefangene Russ erschoss, nodém si allebe'd force'ert gi woren, selwer hirt graw ze schëppen.

Kloer an entschlossen huet de Willy de preisesche mérder an d'ae gekuckt a we' en e'wegt bekenntnis hun se durch den Eischdall geschâlt; seng lescht wierder: „Ech wor e gudde Letzeburger, an ech stiérwen als e gudde Letzeburger!"

Durch feige verrot a preisesch barbarei hu sechs kanner hire papp an eng brav fra hire mann verluer. De Willy Bertemes schle'ft ro'eg am Hémechtsbuedem, fir dén hién alles geaffert . . . .

An eiser erënnerong awer liéwt hié virun eso' lâng et Letzeburger get!

*Seng frënn vun der LRL Koplescht.*

# *In Memoriam*

## Leschten noruff fir de Misch SCHOLTES

*Grënner a Chef vun der L. R. L., Sectio'n Koplescht, gestuerwen am KZ Mauthausen (Gusen II) am mé 1945.*

De Misch go'w gebuer hei zu Koplescht am joer 1906 als den élste jong vun einfachen arbechtsleidd. Seng kannerzeit huet hién hei erem bruecht. Nom verlossen vun der primärscho'l ass hién an d'Institut Emile Metz zu Dummeldeng agetratt an als dre'er huet hién et matt glänzenden zeugnisse verloss. Vu geburt aus hat



hién en he'ge perse'nleche courage an hié wor och matt engem gudde riédnertalent begabt. Nach ganz jonk, stong hié schon un der spëtzt vun der arbechterschaft. Onerbëttlech wor hién, a vun ze'er ausdauer wann et gegollen huet, fir d'rechter vum arbechterstand anzetrieden. Keng stonn wor him ze fre' an och keng ze spe't, wann et gegollen huet, de' gesaten ziller z'erréchen. Dodurch huet hién sech den hâss vun onverstännege patron'en zo'gezun, de' sech net gescheit hun, hién op d'stross ze werfen, wo' hié matt senger familgen den armutt vun der krisenzeit kenne gele'ert huet. We' de krich iwer eis Hémecht komm ass, huet de Misch sech we' matt gewalt zréckgezu gefillt an sei Koplescht. Hié wor och we' kén zwéten derzo' bestëmmt, de Chef vun der Kopleschter Résistenz ze gin.

Nodém vu verschidden aner seite versicht gi wor, eng organise'ert Résistenz ze gruppe'eren, huet de Misch et ënnerholl, a sengem haus d'LRL, sectio'n Koplescht, ze grënnen. An der opbauzeit huet hié wertvoll dingschter geléscht an hié perse'nlech ass ni virun enger patriotescher actio'n zréckgeschreckt.

Den 23. januar 43 huet hién nach flugziédele gestrét . . .

De 15. februar 43 awer huet e schwe'ere schlag eis sectio'n getraff. De Misch wor vun der gestapo festgeholl gin. Trei der Hémecht a stolz zu mudd huet hién de wé a prisong a KZ ugetratt. Mir wossten, datt hién eis net verrode ge'w, vill le'wer hätt hién sech d'zong ausrappe geloss.

Vu Letzeburg ass de leiddenswé vum Misch Scholtes op Hinzert gângen. Wién huet zu Hinzert de gro'sse Misch net kannt? Matt sengem scharfen, duerchbuerende blék huet hién alle verhe'eren vun der gestapo an allen torturen vun der SS getrotzt. Seng unvergleichlech énergie hun si net gebrach kritt a sei mond ass stomm bliwen. Dé wé, dén hié gângen ass, huet en eis erspuert. De beweis ass erbruecht doduerch, datt hién als Chef vun der LRL kén vu sengen 78 member dénonze'ert, mé par contre, alles iwer sech geholl huet.

Och de' déprime'erend nouvelle vun der ëmsiedlong vu senger famill huet hién net kleng gesin. Hién huet op d'zänn gebass an ass fest sei schwe'ere wé viru gangen. Sei léd huet hié stëll an hémlech bei sech gedroen.

Am januar 45 ass de Misch an d'hell vu Mauthausen geschléft gin. Et sollt him net vergonnt sin, det schrecklecht lager liéweg ze verlossen. Och seng athletisch gestalt hun d'preisesch henker durch honger a stréch ënnermine'ert an e puer dég virun der liberatio'n ass dem Misch seng krâft gebrach. Matt engem hierz voll verlângeren no der Hémecht, fir de' hién alles gin huet, no fra a kanner, de' an d'friémd gedriwe woren, eso huet hién den do'd gespurt kommen. Op armse'legem stre'léer, an enger armer, kaler holzbud, do si seng feireg aen am glanz vun der opgoender freihétssonn gebrach. A friemem, verhâsstem buedem, am bluddgedränkte buedem vu Mauthausen go'w eisen nationalheld ënnergeschärt. Emmer ower bleiwt hién an eiser erënnerong als de gre'sste Kopleschter.

Le'we Misch, ob mir, deng komeroden vun der LRL traueren oder feieren, du bass ëmmer bei eis. Als en e'wegt symbol vun der Freihét stét déng gro'ss gestalt iwer eisem weidendall. Ste'ts spiere mir dei bléck, dé streng a fuerdernd op eis gero't huet, wanns du eis d'formel vum treiéd op d'Land an op eis Grande-Duchesse gesot hues. We' en écho klëngt déng stëmm iwer eisem Hémechtsdall, klëngt dei freihétsruff: „Trei dem land an trei der Grande-Duchesse!" Misch, du bass do't, an dach liéws du weider. Schle'fs du och a friémem land, dei freihétsgéscht liéwt weider do, wo d'Mamer sech quëtscht durch den dall: an dengem Koplescht.

TREI-FREI

*LRL KOPLESCHT.*